Rapport AG janvier 2025La Présidente Danièle Flammang-Pauly souhaite la bienvenue aux membres de ZAK et souhaite une bonne année 2025 à tous.
L'Assemblée Générale 2025 a lieu au Restaurant "A Guddesch" à Beringen/Mersch.

L'ordre du jour est approuvé à l'unanimité.
Le rapport de l'AG de janvier 2024 est approuvé à l'unanimité.

La présidente remercie les membres présents pour leur confiance.

Elle donne ensuite un aperçu des nombreuses activités de ZAK pendant l'année 2024. Le rapport annuel a été distribué aux participants.

Les remerciements de ZAK vont aux personnes et institutions suivantes

Mir sinn och dëst Joer erëm vu ville Säiten ënnerstetzt gin.

Generéis Subside koumen vun der Stad Lëtzebuerg, vun der Gemeng Bartreng, vun der Belle Etoile a vum City Concorde am Kader vu Bartreng beweegt sech a vun der Gemeng Contern am Kader um BD-Festival.

Dem Georgette soe mir och villmols Merci fir seng generéis Ënnerstëtzung!
E léiwen Don koum vun den Heemelsdéiecher Senneng/Nidderaanven, déi bei der Opléisung vun hirem Klub un ZAK geduecht hun.

D'Chorale vun Angelsbierg huet ons och mat engem schéinen Don ënnerstëtzt.
E besonnesch generéisen Don krute mir vum Maacher Lycée, déi ons am Kader vun hirem Charity Run ënnerstëtzt hun. D'Chantal an den Nico konnten als Ambassadeuren vun ZAK e Scheck iwwert 16.600 Euro entgéint huelen. Mir soen dem Maacher Lycée an och all dénen aanere „Sponsoren" vun ZAK e ganz grousse MERCI fir hir Ënnerstëtzung, oni déi mir vill Aktivitéiten net kënnten ofhaalen.

Da well ech och net de Kiwanis Uelzechtdall vergiessen, dén d'Joer 2024 ënnert d'Zeechen vun ZAK gestallt hat.

Mat hinne konnte mir e flotten Trëppeltour mat Barbecue an e super Ausflug an den Eifelpark maachen, a si hun och d'Finanzéierung vun onsem Wanteropenthalt zu Munzen iwwerholl. Mir soen hinnen villmols Merci fir all di flott Momenter!

Leider gouf et och e puer ganz traureg Grënn fir ZAK ze ënnerstëtzen. Ech erënneren hei un de Fernand Entringer, dén ons d'lescht Joer verloos huet, a soen dem Jetty a senger Famill e grousse Merci dofir, dass si un ZAK geduecht hun. De Fernand wärt ons alleguer nach lang fehlen. Der Firma Arendt et Medernach soe

mir och villmols merci fir hiren Don, de si op Ureegung vum Fernand senger Duechter no Acquisitioun vu senge Bicher un ZAK gemaach hun.

Och dem Michelle, dem Sophie an hirer Famill e grousse Merci fir d'Ënnerstëtzung bei Gelegenheet vum Doud vum Här Reuter, an nach eng Kéier ons härzlechst Bäileed un iech alleguer!

An e ganz grousse Merci vu mir perséinlech, dass dir alleguer beim Doud vu menger Mamm su léif fir mech do wart an ZAK generéis Donen gemaach hutt.

Onst déifste Bäileed geet awer och un d'Fraenz, dat am Oktober seng Mamm verluer huet.

Natierlech geet wéi ëmmer e grousse Merci un de Lycée Michel Lucius, d'International School an de Service des sports vun der Stad Lëtzebuerg, déi ons hir Infrastrukture fir onsen Training an ons Matcher zur Verfügung stellen, an un all di léif Leit, di des Infrastrukture betreien an ëmmer hëllefsbereet sinn. A Merci soe mir och der Gemeng Miersch an hirem Buergermeeschter fir hir Ënnerstëtzung.

Virun allem wëll ech awer onse Bénévolen Merci soen, di ëmmer dobäi waren, onsen Traineren aus Basket, Fitness, Schwammen an TôsôX, onsen Hausmammen aus der Summervakanz an de Bastel- a Face-Painting-Künstleren vum Straussefest a vum BD-Festival! Merci och déne Coragéierten, déi um Krëschtmaart der Keelt getrotzt hun!

Felicitatiounen dem Sophie an dem Helena fir hire Projet Baby-Basket, deen ëmmer méi Succès huet!

Dem Gin an dem Jeff merci fir d'Betreiung vun onsem Site!

Dem Céline an dem Julietta e grousse Merci fir dé flotte Konschtatelier, dem Zilia an dem Carlos e groussen „obrigado“ fir de flotte Bastelatelier mat Edelsteng. Dem Claude Pauly Merci fir di flott Fotoen am Naturmusée!

An e ganz grousse Merci dem Kleeschen an sengem Assistent Housecker, di all Joer erëm mat grousser Opreegung erwaart gin!

Dem Chantal e ganz grousse Merci fir seng Christstollen, seng Kürbiszopp a virun allem di super Spaghettis-Zooss, dem Marc an dem Monique fir di gutt Wäffelcher an dem Susy fir di vill Fotokopien!

A wi ëmmer och e ganz grousse Merci un ons Trésorière Sylvie Schon an d'Réviseurs de caisse Eric Cillien an Guiseppe Sulli, déi mëttlerweil scho Secret

Service-Capacitéiten entwëckelt hun, fir onsen Duercherneen ze entzifferen. Merci och dem Madeleine Kayser fir seng tatkräfteg Ënnerstëtzung bei all onsen Aktivitéiten an der Stad Lëtzebuerg an d'Ticketen fir d'Äispist op der Kinneckswis an den Advents-Zirkus. D'Madeleine ass elo an der wuel verdengter Pensioun, a mir wënschen him alles Guddes!

An och onsem Conseil d'Administration e grousse Merci fir seng gutt Aarbecht !

Ofschléissend well ech Iech froen, op Dir bereet sidd, onser Trésorière an dem Conseil d'administration d'Décharge ze ginn. Wien ass dogéint?Ech soen Iech merci fir Ärt Vertrauen!

DFP présente ensuite les nombreux projets de ZAK pour l'année 2025.
Elle remercie chaleureusement tous les membres de ZAK et tous les bénévoles qui ont contribué à faire de l'année 2024 un succès pour l'association.A la fin de son discours, la présidente demande à l'Assemblée générale d'accorder la décharge à la Trésorière et au Conseil d'administration. La décharge est accordée à l'unanimité.DFP remercie les membres présents pour leur confiance, réitère ses souhaits pour une excellente année 2025 et invite tous les participants à déguster les traditionnels Fritten, Ham an Zalot.L'Assemblée générale est close.